1-2018-O-J-5451-01 (n°2982)

Depot: Fernand Kartheiser

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2019

# Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten

ass doriwwer besuergt,

- datt et aktuell keng kloer Reglementéierung iwwert den Accès an d'Vestiairë vun de Schoulen, respektiv vun de Schwämme wärend dem Schoulschwammen, gëtt;

ass sech bewosst,

- datt aus dëser Situatioun kéinte Gefore fir déi betraffe Kanner a jonk Leit entstoen, esouwuel wat hir Sécherheet an hir physesch Integritéit ugeet, ewéi och am Hibléck op eng eventuell Verletzung vun hirer Privat- oder Intimsphär;
- datt et a ville Schoulen net méiglech ass, d'Turnen an d'Schwammen esou ze organiséieren, datt ëmmer männlecht a weiblecht Léierpersonal präsent ass, dat sech d'Surveillance an deene respektive Vestiairë kéint opdeelen;

erënnert

- un den „*Référentiel concernant la protection des mineurs contre les violences*" vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, deen och Froen iwwer d'„*sécurité des lieux*" enthält, „*afin de prévenir le risque de maltraitance d'un mineur, d'un tiers ou d'un membre du personnel*"

fuerdert d'Regierung op:

- eng Reglementatioun auszeschaffen, déi d'Modalitéite vun der Surveillance an de Vestiairen, speziell beim Turnen a beim Schoulschwammen, am Intressi vum Schutz, der Sécherheet an der Intimsphär vun de Kanner an deene jonke Leit kloer festleet;
- dofir ze suergen, datt ëmmer genuch männlecht a weiblecht qualifizéiert Personal präsent ass, fir d'Surveillance an deene respektive Vestiairë kënnen ze garantéieren.

Fernand Kartheiser